CENTRE DE PROMESSES DUDELANGE

# GRANDE FÊTE DU TÉLÉVIE

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

télévie



## SAMEDI 07.05.2022

6H00-1H00 / PL. HÔTEL DE VILLE

ANIMATIONS / CONCERTS / RESTAURATION






Ech freeë mech als Buergermeeschter vun der Stad Diddeleng den 20. Gebuertsdag vum Télévie ze feieren. Zesumme mat Mäerzeg a Nidderaanwen ass Diddeleng op dësem wichtege Gebuertsdag ee vun de Centres de Promesses.

Grad nodeems mär déi läscht Joren eng Pandemie erliewen ass eis méi a méi bewosst ginn, dass d'Gesondheet dat Allerwichtegst am Liewen ass. Och wann d'Kriibsfuerschung villäicht momentan duerch déi aktuell Situatioun manner visibel ass, ass et ëmsou méi wichteg, dass mär ab dësem Fréijoer duerch den Télévie de Fokus nees op d'Kriibsfuerschung leeën.

Den Télévie erfëllt dës Aufgab zënter 20 Joer bravouréis. Doduerch, dass si mat ganzer Kraaft Sue sammelen, kann et zu Verbesserungen an der Diagnostik an an den Therapië fir déi Betraffe kommen, plus huelen d'Iwwerliewenschancen esou ëmmer weider zou. Eng Kriibserkrankung stellt déi betraffe Persounen, hir Familen a Frënn mä och de Gesondheetssystem virun eng grouss Erausfuerderung. D'Behandlung an d'Nosuerg vu kriibskranke Mënschen ass komplex a erfuerdert en Zesummespill vu ville Kompetenzen. Gläichzäiteg musse mer den Zougang zu Behandlungen assuréieren an och weider aktiv un der Präventioun an un der Fréierkennung schaffen, dass de Krankheetsverlaf esou gutt wéi méiglech behandelt ka ginn.

Duerch esou engagéiert Initiativë ka jidderee vun eis aktiv dozou bäidroen, dass d'Fuerschung un där onbaarmhäerzeger Krankheet weidergefouert gëtt. Déi géigesäiteg Hëllef, Ënnerstëtzung a Solidaritéit sinn d'Fundamenter vu eisem Zesummeliewen an enger Gesellschaft op déi mär bauen an ziele kënnen - an dat an all Situatioun. Mär hoffen, dass den Télévie och dëst Joer e Succès gëtt an dass mär esou ville Mënschen eng Perspektiv kënne ginn. Dofir wëll ech all deene Merci soen déi sech och dat ganzt Joer iwwer asetzen. Merci den Organisatiounscomitéën, de Veräiner, a jidderengem eenzel fir dat onermiddlecht Engagement.

***Dan Biancalana***
*Député-maire*











Léiw Alleguer,

No 2003 an 2013 ass Diddeleng nees eng Kéier Centre de Promesses fir den Télévie. Den Télévie sammelt Sue fir d'Kriibsfuerschung, besonnesch wat d'Leukemie bei de Kanner betrëfft. Mir alleguer kennen een oder deen aneren aus eiser Famill oder Fréndeskrees, dee Kriibs huet oder hat. Mir als Eenzelpersounen si betraff, mee konkret musse mir Vertrauen an d'Dokteren, an d'Fuerscher, esou wéi an d'Fuerschung hunn. All eenzele kann hëllefen, andeems e sech asetzt, opmierksam mécht, de Betraffene weist, datt Si net eleng sinn an awer och andeems mir Geld sammele fir d'Fuerschung ze ënnerstëtzen.

Ech war begeeschtert, wéi ech gesinn hunn, wéi vill Leit sech bereet erkläert hunn, eng Hand unzepaken, besonnesch an enger Zäit, an där gesot gëtt, de Benevolat géif ëmmer méi a méi ofhuelen. Mir hunn e klengen Organisatiounscomité, mee jiddereen doraus ass bereet sech anzesetzen a sech anzebréngen. E ganz grousse Merci fir d'éischt mol u Si. E weidere grousse Merci un eis Gemeng, déi eis logistesch, organisatoresch an och finanziell eng ganz grouss Hëllef war an ass. E Merci och un d'Veräiner, déi sech spontan bereet erkläert hunn, am Virfeld vum Téléviedag oder den Dag selwer eppes ze organiséieren. Sou ass den Télévie eng wichteg Saach fir Diddeleng, wou mir Zesummenhalt weisen an zur Hëllef bereet sinn. Och eng ganz Rei Privatinitiativen si komm, genau ewéi eng ganz grouss Hëllef vun den Diddelenger Enseignanten, dem Personal aus de Maisons Relaisen, de Schoulkanner an hiren Elteren. Vum selwer gebakene Muppekichelche bis zum Charity Run, d'Fantasie vun de Kanner kennt ebe keng Grenzen. Kanner an Erwuessener hu gewisen, wéi gären si bereet sinn ze hëllefen, sief et duerch Baken, Bastelen, Sangen a souguer Schwammen. E grousse Respekt fir Si alleguer!

Merci un all eis Sponsoren, Geschäftsleit, a Restaurateuren, déi sech bereet erkläert hunn eis duerch hire "Savoir-faire" oder duerch eng Annonce ze ënnerstëtzen. An e leschte grousse Merci och un all déi Artisten a Museker,

déi eis de ganzen Télévie Dag iwwer begeeschtere wäerte mat Danz, Gesang a Live-Musek vu Rock-Pop bis Folklor. Dofir kommt alleguer de 7. Mee op eisen Téléviedag zu Diddeleng op d'Gemengeplaz. Mir hu fir lech e schéinen Dag geplangt, mat vill Animatioun, op kulturellem, artisteschem souwéi sportlechem Plang. Dat Ganzt, a wéi sollt et anescht zu Diddeleng sinn, bei guddem lessen an engem gudde Patt.

Vergiesst eis kriibskrank Matmënschen net, hëlleft d'Fuerschung ze ënnerstëtzen, fir datt vläicht geschwënn jidderee d'Chance huet dës schlëmm Krankheet ze iwwerstoen. Gitt der Hoffnung eng Chance! Maacht mat beim Télévie!

***Vitor Dos Santos***
*President vum Organisatiounscomité*
*Télévie - Centre de Promesses*
*Diddeleng 2022*





**De Baba's preparéiert lech frësch an traditionellt lessen am FoodTruck.**

**Vun sengem berüümten Chicken Burger, Cevapcici oder Köfte Burger bis zu sengen hausgemaachte Byrek mat Spinat oder Fleesch.**

**Loosst lech et gutt schmaache beim Baba "Vildan"!**

**Facebook: babasfudtrak**
**Gsm 621 628 899**
**babafudtrak@gmail.com**






Léiw Alleguer,

Happy Birthday Télévie! Zanter 20 Joer sammelt den Télévie elo scho Spende fir d'Kriibsfuerschung hei zu Lëtzebuerg. Zesumme mat de Centres de Promesses vun dësem Joer - Diddeleng, Mäerzeg a Nidderaanwen hoffe mir fir dësen 20ten Anniversaire och nees ganz vill Donen bis de groussen Télévie-Dag, de 7. Mee 2022 zesummenzekréien. De Centre de Promesses Permanent Rodange feiert säin Télévie-Dag de 25. Juni 2022 an um Virowend de 24. Juni gëtt och scho fläisseg gesammelt.

Leider ass de Kriibs nach ëmmer eng ganz schlëmm Krankheet, déi jidderee vun ons kann onerwaart treffen. Fir grad dëse Mënschen ze hëllefen, déi all Dag géint dës grausam Krankheet kämpfen an déi ganz besonnesch ons Opmierksamkeet brauchen, solle mir hinnen duerch eisen Asaz a mat finanzielle Mëttelen, nei Hoffnung schenken.

D'Joer 2021 war fir ons alleguer, wéi och schonn 2020, e ganz speziellt Joer. Trotz allem konnte mir am Respekt vun de Covid-Restriktiounen, am Abrëll 2021 eng flott Télévie-Emissioun op Been stellen an um Enn vun der Sendung koumen 1.242.004€ zesummen. Mir konnte feststellen dass d'Iddi, déi mir haten, ons Telefonsleitunge schonns wärend der ganzer Woch opzemaachen, Friichte gedroen huet. Um Radio an op der Tëlee waren déi ganz Woch iwwer interessant Temoignagen a Reportagë vu Betraffenen a geheelte Patienten, an doduerch si ganz vill Promesses de Dons erakomm.

Ech bestinn drop lech matzedeelen, dass vun deenen 1.242.004 € déi 2021 um Compteur Final stoungen, déi och op de Kont Télévie bei der Fondation Kiwanis abezuelt gi sinn, just nach e Prozentsaz vun 0,60% opstinn. Dat heescht, dass d'Promesse wierklech agehale ginn. No der Sendung am Abrëll 2021 ass dës Zomm un déi Kriibs-Projete verdeelt ginn, déi an der Commission Scientifique Internationale gewielt an zeréckbehale gi waren. Déi Suen, déi hei zu Lëtzebuerg gesammelt ginn, ginn och nëmmen un d'Laboe vun der Recherche géint de Kriibs hei zu Lëtzebuerg.


D'Publikatioun vun dësen 11 Projeten, déi 2021 zeréckbehale goufen, kënnt Dir och um Site www.televie.lu ënnert der Rubrik "Publikatiounen" noliesen. Nëmmen esou kann d'Recherche hei zu Lëtzebuerg, also duerch Är Spenden, weidergoen.

Elo sti mir erëm kuerz virun der Télévie Sendung 2022 an ech wënsche mir vu ganzem Häerzen, dass duerch d'Fuerschung all déi betraffe Leit de Kampf géint dës fuerchtbar Krankheet gewannen! Jidderee vun ons ass gefrot a jidderee kann säin Deel bei der Lutte géint de Kriibs bäidroen. Bléift alleguer gesond, a fir déi, déi krank sinn, Iech wënschen ech vun Häerzen, dass Dir erëm ganz schnell gesond gitt a verléiert och ni de Courage.

An dofir gi mir net op a sammele mat vill Energie an Häerzblutt weider Don'en fir de groussen Télévie-Dag, de 7. Mee 2022 an den 25. Juni am Zenter zu Rodange.

Dat ganzt Joer iwwer hunn d'Centres de Promesses mat hiren Organisatiouns-Comitéen, Veräiner, Organisatiounen an de Matbierger mech esou léif an häerzlech ënnerstëtzt. Ech soen Iech e ganz grousse Merci fir Ären onermiddlechen Asaz a wënschen Iech ganz vill Succès an Ärem Centre de Promesses.

***Diane Wunsch***
*Coordinatrice Télévie Lëtzebuerg*


Auto | Habitation | Prévoyance | Épargne & Retraite

Agence
Christophe JEANJEAN
Agent général d'assurances

Tél. 26 51 00 56 • GSM 621 77 10 80
christophe.jeanjean@baloise.lu

› Nouvelle adresse :
14, rue du Commerce • L-3450 Dudelange

www.baloise.lu

Bâloise Assurances






Léiw Alleguer,

Zwanzeg Joer no senger Grënnung ass den Télévie och dëst Joer nees eng Geleeënheet fir Iech all en décke Merci ze soen, fir Är Méi an Är Aarbecht, déi dir dëser Aktioun consacréiert. Wéi Der wësst, kéinten ons Laboen hei zu Lëtzebuerg bei wäitem net dat leeschte wann den Télévie, wann Dir net do wäert. Dofir géing ech gär an e puer Wuert drop agoe wéi déi Sue gebraucht ginn.

D'Sue ginn hei zu Lëtzebuerg op dem Konto vun der Fondatioun Kiwanis gesammelt, deen ons d'« Utilité Publique » garantéiert, da kommen se mat de Suen aus der Belsch zesummen op ee Konto vum Fonds National de la Recherche Scientifique op Bréissel. Da gi vun de Lëtzebuerger Equippen Recherche-Projeten geschriwwen a beim Fond National an der Belsch (FNRS) agereecht.

Deen FNRS organiséiert doropshin eng Kommissioun vun internationalen Experten (USA, Frankräich, Däitschland, Belsch...), déi all d'Projeten ënnersichen. An der Kommissioun ass Lëtzebuerg duerch de Professer Dicato a mech selwer vertrueden. Déi bescht Projete ginn dann erausgewielt. Et ginn nëmme Lëtzebuergesch Projeten mat Lëtzebuergesche Sue bezuelt, an all Lëtzebuergesch Sue kommen esou erëm an d'Land zeréck.

Hei zu Lëtzebuerg maachen ons Equippen da Recherche mat deene Suen an hire Laboen a publizéieren hier Recherche an internationalen Zäitschréften. Dat sinn der an der Moyenne eng 20-30 d'Joer, déi mat Fonge vum Télévie esou entstinn. D'Sujeten op deene mer schaffe geet vu Leukemie bis hin zum Hautkriibs, Broscht- a Longekriibs net ze vergiessen.

An deene leschte Jore konnte mer duerch den Télévie, zum Beispill an der Immuntherapie bei mir am Labo grouss Decouverte maachen, déi den Traitement vu verschiddene Kriibszorten komplett verännere wäert. Zum Beispill hu mir un enger Manéier geschaaft, fir verschidden Tumeuren, déi net op Immuntherapie reagéieren oder resistent gi sinn, erëm dorop sensibel ze

maachen. Ech wëll awer nach eng Kéier betounen, dass dat alles ouni Är Méi an Är Hëllef net méiglech wär an dofir soen ech Iech alleguer am Numm vun alle Chercheure villmools Merci.

***Prof Guy Berchem***
*Medical Oncologist*
*Centre Hospitalier de Luxembourg*
*Head Hemato-Oncology Laboratory,*
*Luxembourg Institute of Health*














# ORGANISATIOUNSCOMITÉ TÉLÉVIE - CENTRE DE PROMESSES DIDDELENG 2022

- Vitor Dos Santos *(Président)*
- Anne-Carole Herz
  *(Secrétariat & Coordination)*
- Corinne Folscheid
  *(Secrétariat & Coordination)*
- Alex Rabaca
  (Service Fêtes et Manifestations)
- Christian Flammang
  (Service Fêtes et Manifestations)
- Nathalie Reding (Trésorière)
- Isabel Bodri (Trésorière)
- Alphonse Wirtz
- Chantal Weinert
- Claude Leners
- Denise Schmit-Kirpach
- Eugène Stirn
- Jean Schmit
- Jessica Dos Santos Ribeiro
- Margot Gras
- Mylène Valentiny
- Sandrine Santini

# TÉLÉVIE HIGHLIGHTS

07.05.2022 / PLACE DE L'HÔTEL DE VILLE



Remise vun de Schecken
live op RTL Radio
7:00, 10:00, 13:00, 16:00.
RTL Télé 20:00.

Motoclub Kayldall
Départ 10:00
(Inscriptiounen ab 9:00)

Télévie/Kiwanis Bus
10:30-12:15

DHL Télévie
Vëlostuer
13:15-13:35

Fotoexpo
"Dudelange insolite"
an der Gemeng
mat Stee fir den Télévie
9:00-18:00

Concert
Dreamcatcher &
Harmonie municipale
Dudelange
16:00-17:00

Dream Team 2.0
Beachvolleyball-Match
géint Diddelenger Promien
17:00 / Parc E. Mayrisch

# PROGRAMM

## 07.05.2022 / PLACE DE L'HÔTEL DE VILLE

| | |
|---|---|
| 07:30 | DJ Sveen Delux |
| 09:00<br>10:15 | Zumba - Latino Mix |
| 10:45 | Turnveräin Diddeleng |
| 11:00 | Flash Dance |
| 11:15 | Danse égyptienne |
| 11:30 | Santos Da Casa (Coverband) |
| 12:30 | Lisa Mariotto & To Fileno |
| 13:15 | Capoeira Team Luxembourg |
| 13:30 | Vins un Vina |
| 13:45 | Étoile Cap Vert |
| 14:00 | Défilé de Mode |
| 14:30 | Cheerleader Differdange |
| 15:00 | Steven Pitman & Beverly Savarin |
| 15:30 | Turnveräin Diddeleng |
| 16:00 | Dream Catcher & Harmonie Municipale Dudelange |


| | |
|---|---|
| 17:20 | Don Gio (Rap) |
| 17:40 | Lata Gouveia (Pop Rock) |
| 18:00 | Go By Brooks (Rock) |
| 18:15 | Paulo Levi (Pop) |
| 18:30 | Concertinas Saudades Lusitanas |
| 18:45 | Nelly Perreira |
| 19:00 | Stelise (Blues Rock) |
| 19:15 | Esch Red Devils |
| 19:30 | Crazy Fruits (Rock) |
| 20:00 | Irina Holzinger |
| 20:30 | Heavy Patrol (Blues Rock) |
| 21:00 | Cusca Maria (Pop Rock) |
| 21:20 | Ranchos APL Dudelange |
| 21:40 | Théâtre Burlesque |
| 22:00 | Remo Cavallini |
| 22:30 | DJ Sveen Delux |
| 23:00 | CTT Music (Coverband) |


















































# RESTAURATIOUN

07.05.2022 / PLACE DE L'HÔTEL DE VILLE



## 7:00 - 10:00

**Kaffi & Croissant/**
**Café & croissants**
*Comité Schmelz*

## Ab/à partir de 11:00

**Grillstänn/Grillades**
*APL-Amité Portugal Luxembourg*
*Aéro Club Dudelange*
*JSL-Jongsozialisten*

**Stackbrout**
*Gréng Scouten a Guiden Diddeleng*

**Croque-Monsieur**
*Fraen a Mammen*

**Kaffi/café, Kuch/gâteaux,**
**Gaufres, Paangecher/crêpes,**
**Popcorn, Barbe à Papa...**
*Comité Schmelz & Mona Kitchen*

**Cocktailbar fir Kanner/**
**bar à cocktails pour enfants**
*Radio Diddeleng*

**Mocktailbar**
*Jugendhaus Diddeleng*

**Schampes- an Ginbar/**
**Bar à crémant & gin**
*BNP Baribas Agence Dudelange*

**Gedrénksstänn/**
**Stands de boissons**

NEAN SOUND & DESIGN

VOTRE ÉVÉNEMENT
NOTRE ENGAGEMENT !

LOCATION
SON
LUMIÈRE
VIDÉO
INSTALLATIONS FIXES
STUDIO DE MIXAGE

3, Um Benn ◉ L- 3824 Schifflange
Tél. +352 621 494 412
info@nean.lu ◉ www.nean.lu

/neansounddesign


# ANIMATIOUNEN

## 07.05.2022 / PLACE DE L'HÔTEL DE VILLE

| | |
|---|---|
| 10:00-19:00 | Molatelier / Atelier de peinture |
| 13:00-19:00 | Facepainting |
| 10:00-19:00 | Sprangschlass / Château gonflable |
| 10:00-19:00 | Teqball |
| 10:00-14:00 | Demonstratioune vun der Amicale Zenter Diddeleng<br>*Laien-Reanimatioun, Läsche vu klenge Feier, Info an Ausdeele vu Rauchmelder, Spill mat der Kiwwel-Sprëtz* |












# AN NACH VILLES MÉI

07.05.2022

| | |
|---|---|
| 09:00-20:00 | Konschthandwierkermaart / Marché artisanal<br>*Place de l'Hôtel de Ville* |
| 08:00-18:00 | Floumaart-Stand Buttek Arlette Créations /<br>Stand marché aux puces magasin Arlette Créations<br>*78 avenue Grande-Duchesse Charlotte* |
| 09:00-16:00 | Tournoi de football - Parents d'élèves école Deich<br>*Stade Barozzi, Rue Reiteschkopp* |
| 09:00-18:00 | Plooschter Projet<br>*Place de l'Hôtel de Ville* |
| 09:00-20:00 | Marché Steampunk<br>*Place Am Duerf* |
| 10:00-19:00 | Bierenger Zichelchen / Petit train de Burange<br>*Départ: Arrêt Niddeschgaass* |
| 10:00-19:00 | Tombola du Syndicat d'initiative et de Tourisme Dudelange<br>*Place de l'Hôtel de Ville* |
| 10:30-13:00 | Cours GiQong<br>*Centre sportif René Hartmann* |






# RÉCKBLÉCK

## TÉLÉVIE-EVENTS



**08.11.21** / Réunion d'information au Lycée Nic-Biever



**27.11.21** / Dan Biancalana, Loris Spina & Claudia Dall'Agnol ont servi les visiteurs de la kermesse d'hiver au profit du Télévie



**10.12.21** / Lancement Centre de promesses Dudelange



**05.02.22** / Vente Fueskichelcher Scouten & Guiden Peaux Rouges



**23.02.22** / Vente gâteaux École Strutzbierg



Vente gâteaux École Lenkeschléi

www.printservice.lu

DRÉCK MECH

www.printservice.lu

myclimate neutral
myclimate.org/01-17-375394

/ **Atelier graphique** à Dudelange
45, AV. G.-D. Charlotte / L-3441 DUDELANGE
T. 512 518 · mechtelm@pt.lu

/ **Imprimerie** à Luxembourg-Ville
64, rue Baudouin / L-1218 LUXEMBOURG
T. 480 486 · printser@pt.lu




**26.02.22** / Den HBD spillt fir den Télévie



**05.03.22** / Coupe Minis Turnveräin



**12.03.22** / Kannerfuesbal Union des Bons Amis de Burange



**19.03.22** / Dîner Télévie Café Benfica



**22.03.** / Conf. Recherche contre le cancer avec le Dr Berchem




**26.03.22** / Kaffiskränzchen am Centre Hild

beim RUHL

CADEAUX DECORATIONS
MEUBLES LITERIE
EBENISTERIE
POMPES FUNEBRES

59 route de Zoufftgen
L-3598 Dudelange
Tél. 52 07 07
jruhl@pt.lu

Foyer
Fabienne PICCO
Agence Principale d'Assurances

SPUERKEESS

voyages
emile weber

luxcaddy.lu
Internet Supermarché

Chaussures Zanni
GRAND-RUE RUMELANGE TEL.56 55 17

Karine B.
COIFFURE
www.karinebcoiffure.lu

FLEURS VRY
HELLANGE LUXBG
Fondée en 1932



11-13, rue de Mondorf
L-3337 Hellange
Tél.: (00352) 51 77 75
Fax: (00352) 51 90 30
www.fleursvry.lu



**02.04.22** / Soirée Bella Italia



**02.04.22** / Ouschtereeëraktioun Scouten & Guiden Peaux Rouges



**02.04.22** / Vente Ouschter-Deko Buttek Arlette Créations



**03.04.22** / Cours d'initiation à la gymnastique



**04.04.22** / Dîner dansant Juventude Portuguesa Dudelange



**01.04.22** / Volleyball-Turnéier LNB

Optique Quaring

lalux ASSURANCES
Manon Lietz
Agence Principale
186, rue Principale
L-5480 Wormeldange
Tél.: +352 27 76 13 23
Gsm: +352 691 69 83 83
manon.lietz@agence.lalux.lu

Gaudront
Dépositaire

Entreprise Jules FARENZENA
JF
Tél. 51 11 83 www.farenzena.lu




BIL 1856
BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

ROXY
IMMOBILIERE
7-9, rue du Commerce
L-3450 Dudelange
Tél: 00352 26 51 16 66
www.immoroxy.lu



Stand Télévie au marché de Noël


Stand au marché - Amicale Zenter Diddeleng


Stand Télévie au marché - Sonja Dos Santos


Stand au marché - Foyer Diddelfamill


Stand au marché - Maison des Jeunes



Stand au marché - LNB Elterekomitee




Garage Roby Cruciani
212, route de Luxembourg, L-3515 Dudelange, Tél: +352 26 52 52-1

cruciani
automobiles

Garage Roby Cruciani
73, route de Luxembourg, L-3515 Dudelange, Tél: 52 02 52-1


Stand Télévie au marché - Chantal Weinert & Denise Schmit



Stand Télévie au marché


Stand au marché - Foyer Diddelfamill


Stand Télévie- MR Boudersberg





Stand au marché - LNB Elterekomitee

# REMISES DE CHÈQUE

## TÉLÉVIE CENTRE DE PROMESSES DUDELANGE



Handball Diddeleng / 5750€



Interesseveräin Butschebuerg / 1000€



OGBL-DBRH / 500€


Schoul a Maison Relais Lenkeschléi / 450€



Garage Kaufmann Dudelange / 8000€


Schoul Strutzbierg / 1260€


COTTAGE
DUDELANGE - LUXEMBOURG
RESTAURATEUR - HÔTELIER
MAISONS M MENGIN
Tél : 52 05 91
www.cottageluxembourg.com
www.maisons-mengin.com

ACP GARAGE
Depuis 1993
Réparations
et
Vente d'automobiles

Réparations et vente d'automobiles
BOSCH Service
105, route d'Esch
L-3230 Bettembourg
Tél.: 49 07 06
Fax: 49 07 07
www.acp.lu
acp@acp.lu
Car Service

ROSSI 1954

LYCÉE
NIC-BIEVER
Dudelange

Beim Bonsai
1993
DUDELANGE - Tél. 5168 65

SOPINOR
CONSTRUCTIONS
www.sopinor.lu




## VENTE AUX ENCHÈRES

L'ensemble des photographes ont généreusement offerts leurs clichés à la vente au profit du Télévie.

PLUS D'INFOS




Sonja Weiland / Télévie Dinner / 1700€




Anita Weiland-Armillei / Kaffiskränzchen / 1000€




Gehaansbiergknappen / 750€




Aer Foussfee / 735€




Union des Bons Amis de Burange / 2000€




Maartéquipe / Soirée Bella Italia / 2000€



Nol a Fuedem / 2500€



Fédération des marcheurs / 2559€

# TÉLÉVIE CHARITY RUN

ÉCOLE LENKESCHLÉI















# TÉLÉVIE CHARITY RUN

ÉCOLE BRILL





# TÉLÉVIE CHARITY DINNER

07.04.2022 / RESTAURANT LOXALIS











Loxalis
RESTAURANT
CASINO DUDELANGE



# INDOOR-CYCLING

10.04.2022 / CENTRE SPORTIF R. HARTMANN

















# LE GRAND CŒUR DU TÉLÉVIE DUDELANGE 2022

L'artiste Jo Malano a réalisé un grand cœur en bois de plus de 5m, composé de 76 petits cœurs de 50x35cm. Chacun de ces cœurs a été décoré par les enfants des maison relais.

**N'hésitez pas vous aussi à acquérir symboliquement l'un de ses petits cœurs pour 30€ !**

Un certificat sera délivré pour chaque cœur. L'œuvre dans son ensemble sera par la suite exposée dans l'un des bâtiments publics de la Ville de Dudelange comme souvenir de la grande journée du Télévie du 7 mai 2022.

Télévie Dudelange :
IBAN LU22 0030 2848 9944 0000
Code BIC: BGLLLULL


















# PRODUITS TÉLÉVIE

CENTRE DE PROMESSES DUDELANGE

## DIDDELENGER KAFFI

Édition spéciale Télévie
produit par
Moulin Dieschbourg sàrl

Prix : 12€

## CHOCOLATS DU COEUR

des Ateliers du Tricentenaire

Prix : 4€

## GIN OPYOS

Édition spéciale Télévie Dudelange

Prix : 42€

## TASSES

réalisées par
la Fondation Kräizbierg

Prix : 12€







# ÄREN DON FIR DEN TÉLÉVIE

Mat Ärem generéisen Don kënnt och Dir d'Recherche géint de Kriibs a besonnesch géint d'Leukemie ënnerstëtzen an dozou bäidroen, dass de 7. Mee zu Gonschte vum Télévie ee grousse Succès gëtt! En Don ab 10€ ka vun de Steieren ofgesat ginn.

# VOTRE DON AU TÉLÉVIE

Grâce à votre générosité, vous pouvez vous aussi soutenir la recherche contre le cancer, en particulier la leucémie. Aidez-nous à faire grimper le compteur et à faire du 7 mai un véritable succès ! Votre don peut être déduit de votre déclaration fiscale dès 10€.

**TÉLÉVIE DUDELANGE**
IBAN LU22 0030 2848 9944 0000
CODE BIC: BGLLLULL








# DONATEURS

## TÉLÉVIE CENTRE DE PROMESSES DUDELANGE

**A**dler Claudine
Association Italolux. Bettembourg/ Dudelange
**B**ernand Claude
Bernard MarieLouise
BGL BNP PARIBAS Agence Dudelange
Bitzclub Nol a Fuedem
Brasserie Café MontChalet
Butz Shop
**C**AD Power – Cercle Athlétique Dudelange
Café Dib's
Carier-Sonntag Jean-Pierre
Cercle Athlétique Dudelange
Clause Noelle
Coin de terre et foyer
Collège échevinal Ville de Dudelange
Comité d'organisation Centre de Promesses Dudelange
Courte Marcel
Cuir Shop Dudelange
**D**ecker Line S.A.
Dépôt Gaudront-Schneiders
**É**cole Strutzbierg
Entr. Mario Contato et fils
**F**.C.A.D
Fotoclub Diddeleng
Frantzen-Hever Gaston
Fuesveräin Knabbermais
**G**arage Cardoni
Glesener Pierre/Schoue Corinne
Goorix Jeannine
Gritti Carole
Gubbini Serge
**H**BD Handball Diddeleng
Husky Dudelange
**I**nteresseveräin Butschebuerg
**K**irpach-Weber Natascha
**L**alux Assurances
Lunkes MarieJo
Luxcaddy
**M**aartéquipe Centre de Promesses Dudelange
**N**EAN Sound & Design
**O**GBL-DBRH
**P**elles-Hippert Marie Louise
Print-Service Mechtel
Proxy Delhaize
**R**adio Diddeleng
Restaurant Amarcord
Restaurant Loxalis
Rikke Rowledge-Dalsgaard
Rossi Vins & Spiritueux
Roxy Immobilière
**S**enger Sonja
Steffen Patrick
**T**71 Diddeleng
T71 Fillettes
TordyAdler
**W**einert Valentin
Welter Jean Ernest
Wilmes-Alfieri Sabrina
Wozniac Marco
**Y**uppi Café
**Z**iger Laurence



# ROUTES BARRÉES

DUDELANGE-CENTRE / 07.05.2022



# ACCÈS/ANREISE

**Place de l'Hôtel de Ville/Rathausplatz**


Bus 4/5/8/9/10/305/207
Arrêts/Haltestellen: Rue Karl Marx, Schwaarze Wee, Dudelange Gare

Train/Zug 60a - Arrêt/Haltestelle 'Dudelange-Centre'

Vël'Ok - Place de l'Hôtel de Ville & Gare Dudelange-Ville

Parkings gratuits

Infos : www.mobiliteit.lu / www.velok.lu



**Ee grousse Merci**
**der Gemeng Diddeleng,**
**all de Veräiner déi eis**
**ënnerstëtzt hunn,**
**eise Sponsoren**
**an Donateuren**
**an all de Bénévolen,**
**déi eis gehollef hunn!**



**Centre de Promesses Dudelange**
Comité d'organisation

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

télévie
Centre de Promesses Dudelange

OPEL
**Garage Kaufmann Dudelange**
www.garagekaufmann.lu

*Partenaire officiel du Télévie Dudelange*